



definéiert gëtt. Dat ass och wichteg, dass een net e Service huet, dee selwer décidéiert, wat wichteg ass oder net. Dir hutt virdrun eng Hierarchie, an ech brauch elo net an den Detail ze goen, wat den Direkter kann erlaben, wat de Comité...

An ech sinn och ganz dankbar, Här President, dass de Vizepremier an de Justizminister och heibanne bliwwen si fir de ganze Suivi vun deenen Debatten, well dat sinn - wann do-bausse jo net gesot ginn ass, wien, wat derbäi géif setzen -, dat sinn déi zwee Ministeren, déi mat mir zesumme mat de Leit vum SREL déi wichteg Etappen zesummen diskutéieren! Et ass net hei eng Décharge vun engem Premier, deen net d'Verantwortung wëllt droen!

Et ass am Text jo kloer, dass de Premierminister och responsabel ass vum SREL. Mä ech sinn der Iwwerzeegung, dass et gutt ass, dass déi Persounen, déi d'Justiz an och d'Force publique bei sech hunn, awer och au courant sinn iwwer wat geschitt an och zesummen en Échange kennen hunn a mir dann d'Vertraue ginn, wann Décisiounen ze huele sinn, wou mer mat hinnen zesummen awer och eng breet Consultation hatten.

An déi Aktivitéiten, Här President, ech hunn et virdru gesot, déi si kloer opgezielt an engem Artikel. Dat sinn den Espionnage, d'Ingérence, den Extrémisme à propension violente, d'Prolifération d'armes de destruction massive, etc. an etc.

Wat wichteg och an deem doten Dossier ass: dass och duerno, wann den Direkter bis eng Propos gemaach huet, awer och dee Comité - well hei ass virdru gesot ginn: Wat ass eng Menace? Wat ass d'Proportion? Wéi, wat oder wou? - eben zesumme mam Service en Échange huet, fir och déi definitiv Décisioun ze huelen.

Déi Décisioun, déi mir huelen, Här President, ass net eng, déi aus der Loft gegräff gëtt. Dat ass eng Décisioun, déi vu Riichtere validéiert ginn ass. Dat ass eng, wou se gréng Luucht vun engem Direkter kritt hunn, dee gesot huet: „Jo“, déi vu Riichtere gesot kritt hunn: „Jo“, an déi bei eis kommen, fir déi lescht definitiv Ennerschrëft ze kréien, fir déi Mesuren och kënnen ze huelen.

Dowéinst ass et fir eis wichteg, dass déi dote Punkte kloer sinn. Dat heescht, wat ee ka maachen, wien et ka maachen an och duerno, wann et bis gemaach ass, wien et kontrolléiert! Dat op externer Basis. An dat ass an der parlamentarescher Kontrollkommission, déi immens wichteg ass, well se och eng Fuerderung war, déi mer jorelaang hatten. An elo ënnert der Presidentschaft vum Claude Wiseler schéngt se jo awer och gutt ze funktionnéieren an och e gudden Échange ze hu mat de Verrieder vum SREL.

Den Delegéierten ass och net e Fusibel fir mech. Den Delegéierten ass, an et ass och virdru gesot ginn, dat ass déi Persoun, där et awer méiglech ass, fir bei deene Sitzungen a bei deem „everyday business“ vun engem Service de renseignement derbäi kennen ze sinn. Et ass eng Vertrauenspersoun, déi de Ministère d'État an de Premierminister representéiert an déi dann och den „daily business“ matkritt. Huet mer et net iwwel, dass ech net all Dag kann am SREL sinn, fir ebe bei Décisiounen, déi ze huele sinn, och dat kennen ze maachen. An dowéinst ass déi Persoun, den Delegéierten, deen, deen dann eben och do derbäi ass.

Mir hunn de Comité ministériel, mir hunn den Avis vun de Magistraten. Dat heescht, dee Contrôle externe ass do an deen ass och fir eis ganz, ganz wichteg.

Zu de verschiddene Punkten, déi hei just soulevéiert gi sinn, wéi zum Beispill déi prezis Fro vum Trojaner, deen do kéint Toun ophuelen oder Biller ophuelen, muss ech soen, dass ech der Meenung sinn, dass mer am Paragraf (2) vum Artikel 8 d'Prezisioun jo hunn, dass et ass fir «des méthodes destinées à l'observation dans un lieu privé qui n'est pas accessible au public». An dat ass jo am Fong fir d'Leit opzehuelen och geduecht. Dat heescht, wa mer d'Leit géifen ophuelen, géif dat éischter fir mech an den (2) fale wéi an den c) vun deem Trojaner, well et ass jo eng Mesure, wou een d'Leit ophëlt, den Toun an och Biller kann ophuelen. Mat enger Webcam kéint een dat jo och maachen.

Mä wéi gesot, Dir hutt och d'Fro gestallt iwwert den Trojaner. Ech wëll elo net hei op der Tribün - an Här President, ech hoffen, d'Deputéiert verstéi mech awer - soen, bei wem mer et bestellen, wie wat gemaach huet, bei wem et ass. Et sinn och verschidde Saachen an deem dote Service, wou ech lech elo just ka soen, dass den Trojaner net hei zu Lëtzebuerg kaaft ginn ass,

mä am Ausland kaaft ginn ass. Mä frot mech net elo, fir hei op der Tribün verschidden Donnéeën ze ginn!

Et si verschidden Deputéiert, déi eis och ëmmer soen: „Hei, kënnt Der eis soen, wat dem SREL seng Missioun sinn?“ De Prinzip vum SREL ass jo eng preventiv Missioun. An dofir ass et awer och immens wichteg, Här President, an ouni elo wëllen eppes ze verstoppfen, mä dass awer och d'Aarbechte vum SREL op operationeller Basis mussen kennen diskret behandelt ginn, well soss huet et kee Wäert, e SREL ze hunn, wann een op der Place publique muss diskutéieren, wat se maachen.

Ech wëll just hei betounen - well et ass jo och gesot ginn, dass jo verschidde Mesurë ganz intrusiv sinn, wéi zum Beispill bei de Leit e Mikro kennen ze installéieren oder eppes opzehuelen -, dat ass awer wierklech limitéiert am Paragraf (2) bei der Matière vun Terrorismus!

An ech hunn et schonn och op enger anerer Plaz gesot, Här President, dass et a mengen Ae fir d'Bekämpfung vum Terrorismus..., well et muss ee jo wierklech Punkten hunn! Et ass jo net, dass elo einfach e Sammelsurium vun Trojaner installéiert géife ginn oder vu Mikroen géifen installéiert gi bei Leit. Et muss jo schonn awer eng Indikation sinn, dass do eng Méiglechkeet och besteet, dass een an déi Richtung kéint goen an, wéi gesot, soubal Informatiounen do sinn, déi och un de Parquet weidergeleet ginn. Well mir sinn eis jo och do eens, dass dat déi sinn, déi dofir kompetent sinn. Dass déi also bedénkt si just fir en cas de terrorisme an deem dote Fall vum Paragraf (2), an dofir ass et a mengen Aen immens wichteg, dass mer och déi Moyenen eis ginn, fir awer den Terrorismus, och wann et intrusiv Moyene sinn, och kennen ze bekämpfen.

Här President, ech ginn elo net op dee ganzen Historique an. Ech hunn et scho virdru gesot, déi meescht Riedner hunn et schonn zitéiert. Fir mech ass et wichteg, dass mer just elo... An ech wëll och net op d'Primm agoen. Mir hu gekuckt wierklech, de But ass jo net, fir iergendengem eppes ewechzehuelen! Hei gëtt jo gemaach, wéi wa mir d'Aarbecht vun de Mataarbechter vum SREL net géifen honoréieren. Et ass keen heibanen, kee vun deene 60 Deputéierten a vun den 18 Regierungsmemberen, deen der Meenung ass, dass d'Aarbecht vum SREL net eng schweier Aarbecht ass an net eis Unerkennung soll kréien. Keen huet dat hei behaapt!

Mir hunn awer en Avis vum Statsrot kritt, deen de Risk mat sech bruecht huet, dass d'Primm ganz géif ewechfalen, wou duerno eng gréisser Zomm géif ewechfalen. An déi Leit vum SREL, mir sinn eis däers och bewusst... An ech mengen, d'Primme leie jo tëschent 21.600 a 27.600 Euro, wat eng Unerkennung och ass vis-à-vis vun där Aarbecht, déi se maachen. An elo, mat där Disposition, wou mer soss e Risk gehat hätten, dass Dausenden an Dausende vun Euro ewechgefall wären, elo, wou déi Primm jo, déi net pensionnabel war, als pensionnabel erkläert ginn ass, mécht dat en Ennerscheed vun 147 Euro d'Joer.

Mir wollten net de Leit vum SREL déi Primmen - Prime d'astreinte oder Prime de risque oder déi Prime générale, déi se am Moment hunn - ewechhuelen, mä mir wollten déi verteidegen esou vill wéi mer konnten. An dofir, mengen ech, dass mer vis-à-vis vun deem Montant, deen ech elo just zitéiert hunn, déi 147 Euro, an deen nach, wéi scho vu verschiddene Leit hei gesot ginn ass, wann déi ganz Aarbecht iwwert d'Primmen diskutéiert gëtt... Mir mussen kucken, wéi mer vläicht kennen, fir dass d'Leit och näischt verléiere vis-à-vis vun der Aarbecht, déi se maachen, och bei de Leit vum SREL eng Léisung fannen.

Mä wéi gesot, dat doten, den Text wier soss blockéiert gewiescht, mir hätten eng Opposition formelle vum Statsrot kritt. A mir hunn eis och engagéiert - Dir wësst jo, dass och zwou Conciliationsitzungen och waren -, dass dat doten net de Prinzip ass, deen d'Regierung wëllt hunn. Au contraire! Mir wëlle kee Précédent heimadder schafen!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, wa mer haut den Text stëmmen, mat deem mer e moderne Service de renseignement kréien. Mä ech wëll hei net ophalen, ouni lech awer ze soen, dass ech der Madamm Woltz an hirer Équipe, als Direktesch an zesumme mat all hire Mataarbechter, e grouse Merci wëll soen a virun allem och hei offiziell mäi Vertrauen ausdrécken. Et ass e Service, dee keng einfach Tâche huet. Et ass e Service, deen ech als Premierminister brauch fir eben déi wichteg Tâchen, déi an engem Statsministère och sinn, fir d'Sécherheet vun deem Land ze garantéieren, an dee mat ee vun den Haaptakteuren ass.

An ech brauch se net nëmmen eleng als Statsminister, mir brauchen se allegueren, wa mer an engere Gesellschaft wëlle liewen, wou awer d'Libertéiten net duerch Fanatiker zerstiéiert ginn

oder an där net verschidde Leit, well se eben eis Wäerter, déi mir hunn, wëllen zerstiéieren, dann op eng Kéier d'Iwwerhand géife kréien.

Dowéinst, et ass keng Observation politique, dat hei ass preventiv. An ech maachen der Madamm Woltz richtig Vertrauen, fir dass déi Aarbecht och gutt gemaach gëtt! Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Statsminister.

An ech géif lech proposéieren, dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6675 iwwerzegoen.

(*Interruptions et hilarité*)

Jo, wa mäin...

► **Plusieurs voix.** - Et geet net!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ah, voilà, d'Maschinn ass lancéiert!

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Et ass en Trojaner drop.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6675 et dispense du second vote constitutionnel**

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

(*Brouhaha*)

► **Plusieurs voix.** - Mäin Apparat geet awer net!

► **M. Claude Haagen (LSAP).** - Dir musst ënnen do drécken!

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).** - Aah oui! En ass awer gaangen!

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Här President, den Apparat geet net!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Geet Ären Apparat net?

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Ech hu keen Zougrëff.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Majo da maache mer dat manuell.

D'Ofstëmmung ass eriwwer. Ech hunn zwar déi 60 Stëmmen.

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Et ass gaangen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ass et gaangen? Ah okay. Dat war d'Undroung.

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Mat Retard.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Besser spéit ewéi ni.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - De Projet de loi ass mat 55 Jo-Stëmme géint 5 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm (par Mme Martine Mergen), Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.*

*Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

An et bleift mer just nach d'Fro ze stellen, ob d'Chamber bereet ass, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn.

(*Assentiment*)

Jo, dann ass dat esou decidéiert.



**4. 6960 - Projet de loi portant création d'un Comité pour la mémoire de la Deuxième guerre mondiale et portant**

**1. modification de la loi modifiée du 25 février 1967 ayant pour objet diverses mesures en faveur de per-**

**sonnes devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant;**

**2. abrogation de la loi du 20 décembre 2002 portant création d'un Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance;**

**3. abrogation de la loi du 4 avril 2005 portant création a) d'un Comité directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé; b) d'un Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé**

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwerzegoen. Et ass de Projet de loi 6960 fir d'Schafung vun engem Comité fir d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Bodry.

(*Consultation interne*)



**5. 6675 - Projet de loi**

**1) portant réorganisation du Service de renseignement de l'État;**

**2) modifiant**

**- le Code d'instruction criminelle,**

**- la loi du 15 juin 2004 relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité, et**

**- la loi du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions d'avancement des fonctionnaires de l'État**

**6589B - Proposition de loi modifiant 1. la loi modifiée du 15 juin 2004 portant organisation du Service de renseignement de l'État; 2. l'alinéa 1<sup>er</sup> de l'article 88-3 du Code d'instruction criminelle (suite)**

**Retrait du rôle des affaires de la proposition de loi n°6589B**

Ah jo! Ech ginn dovunner aus, dass domat och d'Proposition de loi evakuéiert ass?

(*Assentiment*)

Voilà, dann ass dat esou decidéiert. Pardon! Et war esou selbstredend, dass ech d'Fro net gestallt hunn. Mä d'Antwort ass ginn.

De Rapporteur huet d'Wuert, den Här „Boodry“.



**6. 6960 - Projet de loi portant création d'un Comité pour la mémoire de la Deuxième guerre mondiale et portant**

**1. modification de la loi modifiée du 25 février 1967 ayant pour objet diverses mesures en faveur de personnes devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant;**

**2. abrogation de la loi du 20 décembre 2002 portant création d'un Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance;**

**3. abrogation de la loi du 4 avril 2005 portant création a) d'un Comité directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé; b) d'un Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé (suite)**

**Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle**

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här... Bartolomeo!

(*Hilarité*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wéi hat Der gesot, Här „Boddry“?

(*Hilarité*)

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.** - Här Bartolomeus.

(*Hilarité*)

Här President - da si mer eis eens -, Dir Dammen an Dir Hären, et ass mer eng Freed, fir de Rapport hei virzedroe vun der zoustänneger Kommission zu dem Projet de loi 6960, wou et sech drëm dréit, fir hei zu Lëtzebuerg e Comité fir d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich ze schafen.

Et ass mat dëser Diskussioun déi drëtze Kéier eigentlech, dass mer eis an engem relativ enken Zäitraum beschäftege mat Froe vun Zäitgeschicht, wéi mer mat der Zäitgeschicht ëmzegoen hunn a besonnesch och mat där Period während a ronderëm den Zweete Weltkrich. Dat